# Ouljer Musek a.s.b.l.

## Rapport Comitéssëtzung vum 5.Mäerz 2024

**Präsenzen :**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Jo Steffes | X | Sandra Goedert | X | Sandra Weyer | X |
| Paul Kieffer | X | Steve Elcheroth | X | Tom Goedert | X |
| Jacques Krier | exc. | Liss Meisch | X | Jim Meisch | X |
| Pierre Steffes | X | Remy Steffes | X | | |

**Op der Dagesuerdnung:**

**Organigramm 2024.**

De Comité mecht verschidde kleng Ajustementer um Organigramm fir 2024 ( cf. Unhang Mail vum 8.Mäerz).

**Sponsoring 2024**

Stand op den 06/03/2024:

| | Sponsor : | bezuelt ? : |
|---|---|---|
| 1 | Brasserie Monkel | jo |
| 2 | Café Am Duerf | jo |
| 3 | Convex S.à r.l. | jo |
| 4 | EGLUX Constructions S.A. | jo |
| 5 | Fiduciaire Feyder & Associés S.à r.l. | jo |
| 6 | Lalux Assurances | jo |
| 7 | Landschaftsgärtnerei Serge Frieden | nee |
| 8 | Léon Steffes S.A. | jo |
| 9 | Maison Ruppert | jo |
| 10 | Metzlerei Lucien Saeul S.à r.l. | jo |
| 11 | NEWHOUSE | jo |
| 12 | Optique Wirtz S.à r.l. | jo |
| 13 | Restaurant "Le Relais du Château" | jo |
| 14 | Restaurant Rébecca | nee |
| 15 | Romalux Carrelages S.à r.l. | jo |
| 16 | Solarex S.à r.l. | jo |

**Trëppeltour 28. Abrëll**

- Cf. Rapport Trëppeltour vum 23.Januar an 08.Februar.
- Déi nächst Reunioun ass de 7.Mäerz
- Ausdeele vun de Flyer de Weekend vum 9.Mäerz.
- De Jim mécht eng kuerz Präsentatioun vun der Trëppeltour Websäit, op der een all Informatioune fënnt a sech och kann online umellen.
  Websäit: www.ffolingen.betzdorf.lu/OM/
- Busnavette vun der Millen bis bei de Widdebierg : den Devis vu Voyages Schmit (+/- 5 Stonne fir 422 €) gëtt vum Comité ugeholl.

**Summerconcert am Syrkus 8.Juni.**

De Jo kontaktéiert de President vun der Mënster Musek fir iwwert den Oflaf an d'Form vum Concert ze beroden an en Datum fir eng éischt Reunioun ze sichen.

**Generalversammlung 2025.**

Rectificatif vun der Comitésdecisioun vum 6.Februar :
Well de Jugendstage 2025 op de Weekend vum 1.Mäerz fält, muss eis Generalversammlung op Sonndes den 9.Mäerz geluecht ginn.

**Nei Klappzelter.**

Nodeems d'Beschrëftung Ouljer Musek mam Logo feststeet, kann de Steve d'Zelter mat de Supplementen (Total 11.373,57 €) esou wéi am leschte Comité decidéiert bestellen. D'Zelter musse virausbezuelt ginn. Nodeems d'Geld iwwerwisen ass musse mir mat +/- 4 Woche Liwwerzäit rechnen.

**120 Joer Ouljer Musek - Ausfluch**

Fir den Ausfluch vun 2 Deeg vum 23 – 24.November konnt nach keng ideal Destinatioun fonnt ginn. Wieder Propose si wëllkomm.

**Verschiddenes.**

- D'Bürosysteme Krier maache Méindes den 11.Mäerz eng Revisioun vun eiser grousser Kopiesmaschinn a sollen eng Léisung fanne fir kënnen gescannten Dokumenter direkt op eise PC ze schécken. En neie Set Toneren soll och mat ugeliwwert ginn.
- D'Wanderfrënn Mäertert hunn eng Ufro un d'Ouljer Musek gemaach fir op hirer 50.Gebuertsdagsfeier e Concert-Aperitif ze spillen. Falls den Dirigent a genuch Musikanten deen Dag disponibel sinn kënne mir dës Ufro unhuelen ( Tarif : 400 €)

**Déi nächst Comitéssëtzung ass Dënschdes den 2.Abrëll um 20.00 Auer**